N°7061
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 25. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Eng onofhängeg éisträichesch Etude koum zur Conclusioun, datt verschidden Zousazmaterialien, vun Antigen- a PCR-Tester op de COVID-19, déi wärend de leschten zwee Joer och hei am Land groussflächeg agesat goufen, sou notamment d'Flëssegkeet, déi a véier Isonormtester op d'Haut- an Aueverdréiglechkeet iwwerpréift gouf, eng Rei gëfteg Stoffer, ënner anerem Natriumazid opweisen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister hir allgemeng Positioun zu dësen Erkenntnesser elaboréieren?
2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, duerch wéi eng national Institutioun déi eenzel Tester déi zu Lëtzebuerg zougelooss goufen op hir gesondheetlech Verdréiglechkeet getest an zertifiéiert goufen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten